PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 16/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Cultes weiderzeleeden.**

An hirer *Responsum ad dubium* huet d'kathoulesch Kierch d'Seene vu Verbindungen tëscht Persoune vum selwechte Geschlecht ënnersot. Konkret heescht et vum Vatikan:

> *"Aus diesem Grund ist es nicht erlaubt, Beziehungen oder selbst stabilen Partnerschaften einen Segen zu erteilen, die eine sexuelle Praxis außerhalb der Ehe (das heißt außerhalb einer unauflöslichen Verbindung eines Mannes und einer Frau, die an sich für die Lebensweitergabe offen ist) einschließen, wie dies bei Verbindungen von Personen gleichen Geschlechts der Fall ist. Das Vorhandensein positiver Elemente – die in sich betrachtet dennoch zu schätzen und hervorzuheben sind – in solchen Beziehungen ist trotzdem nicht in der Lage, diese zu rechtfertigen und sie daher rechtmäßig zum Gegenstand einer kirchlichen Segnung zu machen, weil diese Elemente im Dienst einer Verbindung stehen, die nicht auf den Plan des Schöpfers hingeordnet ist."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis vun dëser Annonce?
   Falls jo, wéi positionéiert hien sech par Rapport zu den Aussoen am *Responsum ad dubidum* ?

2. Am Artikel 19 vun der Verfassung heescht et:

   > "*La liberté des cultes, celle de leur exercic public, ainsi que la liberté de manifester ses opinions religieuses, sont garanties, sauf la répression des délitgs commis à l'occasion de l'usage de ces libertés."*

   Dëst Recht ass awer net absolut, esou huet d'Cour Constitutionnelle zum Beispill am Kader vun der Schoulflicht decidéiert, dass

   > *"l'étendue de la liberté des cultes ne saurait être telle que son exercice*

*provoque des difficultés susceptibles de perturber [...] le système éducatif"*

Gesinn d'Ministeren d'Liberté des cultes als absolut Recht un oder huet dëst Recht net och Limitten, wann et ëm wichteg Piliere vun eiser Gesellschaft geet, wéi d'Schoulflicht, awer och wéi d'Chancëgläichheet, déi ënnert anerem am Artikel 455 vum Code pénal festgehaale gëtt?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député